



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 7. Februar war am Essentiel ze liesen, datt d'SNCF d'TGVs-Streck Paräis-Metz-Nanzeg-Lëtzebuerg aus Rentabilitéitsgrënn géif op de Préifstand stellen. Dës Zuchverbindung garantéiert aktuell déi kierzt Verbindung tëschent eiser an der franséischer Haaptstad a stécht dobäi souwuel déi individuell Mobilitéit, wéi och de Kuerzstreckefliger aus. Dëst huet sech offenbar och an de Passagéierzuele bemierkbar gemaach, vu, datt déi ursprénglech Zuel vu véier Zich, déi deeglech op där Streck sollten zirkuléieren, vun der SNCF jo op sechs erhéicht gouf.

Lëtzebuerg huet am Kader vu senge bilaterale Verflechtungen ausserdeem eng Rei Investitiounen an dat nationaalt Schinnennetz virgeholl, respektiv nach virgesinn, fir dës Verbindung esou effizient wéi méiglech ze organiséieren. Tëschent der Stad a Beetebuerg gouf extra eng exklusiv TGVs-Streck gebaut, déi mam Ofschloss vun där grousser Moderniséierung vun der Beetebuerger Gare soll a Betrib goen.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi bewäert d'Madamm Minister déi franséisch Ausso vun der feelender Rentabilitéit, och am Hibleck op d'Entwécklung vun de Passagéierzuele während de leschte Joren? Op wéi eng Manéier ass séchergestallt, datt eis national Autoritéiten onméttelbar iwwert sämtlech nei Entwécklungen an deem Dossier informéiert ginn?
- 2) Iwwert wéi eng rechtlech Méiglechkeete verfüegt Lëtzebuerg fir am Kader vun de bilaterale Verträge mat der franséischer Republik um Betrib vun op mannst véier Zich den Dag ze bestoen?
- 3) Wéi eng Konsequenzen hätt eng eesäiteg Kënnegung duerch d'Fransouse schlëmmstefalls fir eis Amenagementen? Kéint déi zousätzlech Streck tëschent Beetebuerg an der Stad och fir classesch Zich benotzt ginn? Falls net, wéi eng technesch Ursaache schwätzen dogéint?
- 4) Wéi eng Alternative géife kuerzfristeg zur Verfügung stoen? Wier zum Beispill un enger Stärkung vun der individueller Mobilitéit an dem Fluchverkéier geduecht?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen  
Deputéierten